N° 8291
Entrée le 12.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8291 vum 7. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Roy Reding.**

De Regierungsrot huet den 28. Juli 2023 eng Autorisatioun ginn fir 13 Infirmiersposten am Kader vun der „Réserve sanitaire“ fir Personal téschent dem 1. September 2023 an dem 31. August 2024 anzestellen. Op dëst Personal kann zeréckgegraff ginn, falls een Impfzentrum erëm misst opgemaach ginn, z.B. am Kontext vun enger gréisserer Epidemiewell am Wanter.

Am Moment gëtt et awer kee konkreten Besoin fir een Impfzenter opzemaachen. Eventuell Opfrëschungen vun den Impfungen fir eeler oder vulnérabel Leit am Hierscht, kënnen vun den Hausdokteren an den Apdikter gemaach ginn.

D'Bäibehalen vun enger „Réserve sanitaire“ ass eng reng Virsichtsmoosnam an huet näischt mat enger Impfpflicht ze dinn. Aktuell gëtt et och keng Pläng eng Impfpflicht anzeféieren.

D'Annonce fir de Rekrutement gouf vum 4. bis den 12. Juli 2023 op « GovJobs » publizéiert. 25 Leit hunn sech gemellt an 17 Kandidate goufe fir e Virstellungsgespréich invitéiert. Ënnert dësen Kandidaten hunn der 9 deklaréiert, dass si kee Lëtzebuergesch schwätzen, 3 hunn en Ufänger- oder A1-Niveau, 4 en A2-Niveau an een e B2-Niveau uginn. No individuellen Interviewen an enger Selektioun op Basis vun Erfahrung an Ausbildung, goufen 13 Kandidaten vum Selektiounscomité zeréckbehalen.

Et sief bemierkt datt de Kandidat mat Niveau B2 am Lëtzebuergeschen schlussendlech d'Aarbechtsoffer refuséiert huet. Esou konnten dunn 12 Kandidate rekrutéiert ginn (6 déi net Lëtzebuergesch schwätzen, 3 mat A1 an 3 mat A2 Niveau).

Lëtzebuerg, den 12. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert